B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Zousazmaterial

Dëse Rallye soll hëllefen, d'Léierwierk besser kennen ze léieren. E besteet aus einfache Froen, déi d'Schüler duerch d'ganzt Buch féieren; esou gi si op den Opbau an déi verschidden Deeler opmierksam gemaach.

Dat Ganzt soll a Form vun enger klenger Competitioun oflafen. Et geet drëm, d'Aufgaben esou séier wéi méiglech ze léisen.

Wann d'Schüler all fäerdeg sinn, ginn d'Aufgaben zesumme korrigéiert.

Gewonnen huet deen, deen als Éischte fäerdeg war **AN** déi meeschten Aufgabe korrekt geléist huet.

# E Rallye duerch d'Buch

# E Rallye duerch d'Buch

*Liest d'Froen a sicht d'Äntwerten am Buch. Probéiert, déi korrekt Äntwerten esou séier wéi méiglech ze fannen.*

1. Wéi vill Kapitelen huet d'Buch?
   *D'Buch huet ____ Kapitelen an ___ Widderhuelungen.*
2. Wat fir eng Faarf huet d'Kapitel 6?
   *D'Kapitel 6 ass ___________.*
3. Wéi heescht de Link op d'zousätzlecht Material zum Buch?
   *De Link heescht* **http://**__________________________
4. Op wat fir enger Säit fänken d'Transkriptiounen zu den Audiotexter un?
   D'Transkriptioune fänken op der Säit ______ un.
5. Wou fënnt een en Iwwerbléck iwwert den Inhalt vum Buch?
   D'Inhaltsverzeechnes ass op de Säite _____ a _____.
6. Wéi vill Säiten huet d'Partie „Grammatik"?
   *D'Grammatik huet ____ Säiten.*
7. Wéi vill verschidde Piktogrammer ginn et?
   *Et ginn ______ verschidde Piktogrammer.*
8. Wou ass eng Landkaart vu Lëtzebuerg?
   *D'Landkaart vu Lëtzebuerg ass op der Säit _____.*
9. Wéi ass den Titel vun där spezieller Duebelsäit zum Schluss vun de Kapitelen 1-6?
   *Den Titel ass __________________________.*
10. A wat fir Kapitele fënnt een d'Rubrik „Expressiounen op Lëtzebuergesch"?
    *Déi Rubrik fënnt een an de Kapitelen __________.*
11. Sicht den Audio Track 167. Schreift d'Uweisung vun der Aufgab op.
    ______________________________________________________________
12. Kuckt d'Verbelëscht. Wéi vill Verbe mam Ufanksbuschtaf H ginn et?
    *Et ginn _____ Verbe mam Ufanksbuschtaf H.*
13. Wat ass dat éischt Theema an der Partie „Grammatik"?-
    *Dat éischt Theema ass: _______________________.*
14. Wéi vill Léierziler huet d'Kapitel 2?
    *D'Kapitel 2 huet _____ Léierziler.*
15. Wou fënnt een d'Léisungen zu den Übungen am Buch?
    *D'Léisunge fënnt een ________________________________________.*
16. Wéi vill Wierder an Expressioune stinn an der Wierderlëscht beim Titel „Wunnen a Mobilitéit" vum Kapitel 5?
    *Do stinn ______ Wierder.*
17. Wat ass d'Haapttheema vum Kapitel 4?
    *D'Haapttheema vum Kapitel 4 ass: ___________.*
18. Op wat verweist de Piktogramm  ?
    Dee Piktogramm verweist op ____________________________________________________.

Wéi laang hutt Dir gebraucht, fir all d'Äntwerten ze fannen?

_______ *Minutten*

# Léisung
# E Rallye duerch d'Buch

*Liest d'Froen a sicht d'Äntwerten am Buch. Probéiert, déi korrekt Äntwerten esou séier wéi méiglech ze fannen.*

1. *D'Buch huet* ***6*** *Kapitelen an* ***3*** *Widderhuelungen.*
2. *D'Kapitel 6 ass* ***gréng****.*
3. *De Link heescht* ***http://sdl.inll.lu***
4. *D'Transkriptioune fänken op der Säit* ***175*** *un.*
5. *D'Inhaltsverzeechnes ass op de Säite* ***6*** *a 7.*
6. *D'Grammatik huet* ***14*** *Säiten.*
7. *Et gi* ***6*** *verschidde Piktogrammer.*
8. *D'Landkaart vu Lëtzebuerg ass op der Säit* ***124****.*
9. *Den Titel ass* ***Land a Leit****.*
10. *Déi Rubrik fënnt een an de Kapitelen* ***1–4****.*
11. ***Lauschtert den Dialog a kräizt déi richteg Äntwert un oder äntwert op d'Froen.***
12. *Et ginn* ***9*** *Verbe mam Ufanksbuschtaf H.*
13. *Dat éischt Theema ass:* ***Vergaangenheetsformen****.*
14. *D'Kapitel 2 huet* ***5*** *Léierziler.*
15. *D'Léisunge fënnt een* ***online****.*
16. *Do sti* ***37*** *Wierder an Expressiounen.*
17. *D'Haapttheema vum Kapitel 4 ass:* ***Aarbecht****.*
18. *Dee Piktogramm verweist op* ***méi detailléiert grammatesch Informatiounen hannen am Buch****.*

B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# *Zousazmaterial*

# Kapitel 1

# Kapitel 1 Säit 11, Übung 4

*1. Setzt d'Verben an de Klameren an den Imparfait.*

1. Als Kand ..................duerft.................. (däerfen) ech mir fir mäi Gebuertsdag ëmmer e Kaddo eraussichen.
2. Meng Schwëster .................................................. (kënnen) sech mäi Gebuertsdag ni verhalen, wéi hatt kleng war.
3. Meng Eltere waren net frou mat mengem deemolege Frënd a .................................................. (wëllen) net, datt ech mech mat him treffen.
4. Mäi klenge Brudder .................................................. (däerfen) fréier just esou laang dobausse spillen, bis mir zu Owend giess hunn.
5. Ech .................................................. (wëllen) fréier ëmmer laang opbleiwen, mee meng Elteren hu mech ni gelooss.
6. Fir eisen 18. Gebuertsdag .................................................. (wëllen) mir eng grouss Grillparty maachen, mee déi meescht vun eise Kolleege waren an der Vakanz.
7. Gëschter .................................................. (sollen) ech schwamme goen, mee et ass eppes dertëschent komm.
8. Du .................................................. (kënnen) scho ganz fréi gutt Piano spillen, well s du ëmmer brav geüübt hues.
9. Mat wéi vill Joer .................................................. (däerfen) dir fir d'éischt eleng an d'Vakanz goen?
10. Meng eeler Geschwëster .................................................. (wëllen) ni op mech oppassen, wéi ech kleng war.

*2. Wéi war et fréier a wéi ass et haut? Liest d'Verben a completéiert d'Sätz mat de Verben am Passé composé an am Present.*

fléien fueren schaffen maachen schlofen
kommen ~~goen~~ kafen schwätzen wunnen

1. Fréier ...ass... hien dacks an de Kino ...gaangen....
   Haut ...geet... hie léiwer an den Theater.
2. Fréier ............ hie vill Sport ............
   Haut ............ hie kee Sport méi.
3. Fréier ............ si (PL) ëmmer mam Auto schaffe ............
   Haut ............ si (PL) mam Bus.
4. Fréier ............ du ëmmer ze spéit ............. Haut bass du ëmmer pénktlech an du ............ net méi ze spéit.
5. Fréier ............ d'Leit net dacks mam Fliger ............
   Haut ............ vill Leit e puermol d'Joer mam Fliger.
6. Fréier ............ ech de Weekend dacks bis 12 Auer mëttes ............
   Haut ............ ech net méi sou laang, ech stinn de Weekend um 9 Auer op.
7. Fréier ............ hatt just eng Sprooch ............. Haut ............ hatt dräi Sproochen.
8. Fréier ............ hien an enger Entreprise ............. Haut ............ hien net méi, hien ass pensionéiert.
9. Fréier war si aarm a si ............ net vill Saache ............. Haut ass si räich a si ............ ganz vill Saachen.
10. Fréier ............ mir zu Ettelbréck ............. Haut ............ mir zu Esch.

*3. Notéiert dräi Saachen, déi Dir fréier gemaach hutt an déi Dir haut net méi oder anescht maacht. Vergläicht duerno mat Leit an Ärer Klass.*

Fréier ..............................
Haut ..............................

Fréier ..............................
Haut ..............................

Fréier ..............................
Haut ..............................

# Kapitel 1 Säit 12, Übung 7

*D'Schüler kréien eng Käertchen a stellen enger Persoun an der Klass eng Fro an äntweren och op eng Fro. Duerno tauschen déi zwee Schüler d'Käertercher a gi mat hirer neier Käertche bei eng aner Persoun an der Klass.*

| | | |
|---|---|---|
| Wéini bass du gebuer?<br><br>Wéini sidd Dir gebuer? | Wou bass du gebuer?<br><br>Wou sidd Dir gebuer? | Hues du en Hausdéier?<br><br>Hutt Dir en Hausdéier?<br><br>Wa jo: Zënter wéini?<br><br>Wann nee: Firwat net? |
| Mat wéi vill Joer hues du schwamme geléiert?<br><br>Mat wéi vill Joer hutt Dir schwamme geléiert? | Mat wéi vill Joer waars du fir d'éischt op enger Party?<br><br>Mat wéi vill Joer waart Dir fir d'éischt op enger Party? | Mat wéi vill Joer bass du an d'Schoul gaangen?<br><br>Mat wéi vill Joer sidd Dir an d'Schoul gaangen? |
| Mat wéi vill Joer hues du Vëlo fuere geléiert?<br><br>Mat wéi vill Joer hutt Dir Vëlo fuere geléiert? | Mat wéi vill Joer bass du an de Lycée gaangen?<br><br>Mat wéi vill Joer sidd Dir an de Lycée gaangen? | Mat wéi vill Joer hues du de Fürerschäi gemaach?<br><br>Mat wéi vill Joer hutt Dir de Fürerschäi gemaach? |
| Wéini bass du op Lëtzebuerg komm?<br><br>Wéini sidd Dir op Lëtzebuerg komm? | Wéini hues du ugefaangen, Lëtzebuergesch ze léieren?<br><br>Wéini hutt Dir ugefaangen, Lëtzebuergesch ze léieren? | Hues du Kanner?<br><br>Wéi al sinn deng Kanner?<br><br>Hutt Dir Kanner?<br><br>Wéi al sinn Är Kanner? |

| | | |
|---|---|---|
| Wat war deng éischt Aarbecht? Wéini war dat?<br><br>Wat war Är éischt Aarbecht? Wéini war dat? | Wéini bass du doheem erausgeplënnert?<br><br>Wéini sidd Dir doheem erausgeplënnert? | Hues du scho Pläng fir d'Pensioun?<br><br>Hutt Dir scho Pläng fir d'Pensioun? |
| Wéini bass du fir d'éischt eleng an d'Vakanz gaangen?<br><br>Wéini sidd Dir fir d'éischt eleng an d'Vakanz gaangen? | Wéini bass du fir d'éischt mam Fliger geflunn?<br><br>Wéini sidd Dir fir d'éischt mam Fliger geflunn? | A wat fir Länner hues du scho gelieft?<br><br>A wat fir Länner hutt Dir scho gelieft? |
| Wat fir een Evenement huet dech am Liewen immens positiv markéiert?<br><br>Wat fir een Evenement huet Iech am Liewen immens positiv markéiert? | Wéini hues du fir d'lescht Leit bei dech heem invitéiert?<br><br>Wéini hutt Dir fir d'lescht Leit bei Iech heem invitéiert? | Wéini waars du fir d'éischt verléift?<br><br>Wéini waart Dir fir d'éischt verléift? |
| Wat fir e Sport hues du als Kand gär gemaach?<br><br>Wat fir e Sport hutt Dir als Kand gär gemaach? | Wou oder wat hues du als Kand gär gespillt?<br><br>Wou oder wat hutt Dir als Kand gär gespillt? | Wat huet dir un der Schoul extra gutt gefall?<br><br>Wat huet Iech un der Schoul extra gutt gefall? |

# Kapitel 1 Säit 12, Übung 7

***Wiesselspill***

## Kopie A



Foto: shutterstock

*Wat huet de Bopa Mulles a sengem Liewe gemaach? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

*Beispill:*

A: Wat huet de Bopa Mulles **mat 4 Joer** gemaach?
B: **Mat 4 Joer** huet hie Vëlo fuere geléiert.

B: Wat huet de Bopa Mulles gemaach, **wéi hie 6 Joer al war**?
A: **Wéi hie 6 Joer al war**, ass hien an d'Schoul gaangen.

| | | | |
|---|---|---|---|
| **4 Joer** | **6 Joer**<br>Hien ass an d'Schoul gaangen. | **14 Joer**<br>Hien huet säin éischte Kuss kritt. | **18 Joer** |
| **19 Joer**<br>Hien huet säi Studium ugefaangen. | **21 Joer**<br>Hien huet säi Fürerschäi gemaach. | **24 Joer** | **26 Joer** |
| **28 Joer** | **29 Joer**<br>Hien ass fir d'éischt Kéier Papp ginn | **31 Joer** | **34 Joer**<br>Hien hat e schwéieren Autosaccident. |
| **40 Joer** | **43 Joer** | **49 Joer**<br>Hien ass geplënnert. | **56 Joer**<br>Hien huet de Motorradsfürerschäi gemaach. |
| **58 Joer**<br>Hien huet eng grouss Rees mam Motorrad gemaach. | **60 Joer** | **61 Joer**<br>Hien ass fir d'éischt Kéier Bopa ginn. | **66 Joer** |

*Wiesselspill*

# Kopie B



Foto: shutterstock

*Wat huet de Bopa Mulles a sengem Liewe gemaach? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

*Beispill:*

A: Wat huet de Bopa Mulles **mat 4 Joer** gemaach?
B: **Mat 4 Joer** huet hie Vëlo fuere geléiert.

B: Wat huet de Bopa Mulles gemaach, **wéi hie 6 Joer al war**?
A: **Wéi hie 6 Joer al war**, ass hien an d'Schoul gaangen.

| | | | |
|---|---|---|---|
| **4 Joer**<br><br>Hien huet Vëlo fuere geléiert. | **6 Joer** | **14 Joer** | **18 Joer**<br><br>Hien huet d'Première gemaach. |
| **19 Joer** | **21 Joer** | **24 Joer**<br><br>Hien huet seng éischt Aarbecht fonnt. | **26 Joer**<br><br>Hien huet seng Fra kenne geléiert. |
| **28 Joer**<br><br>Hien huet sech bestuet. | **29 Joer** | **31 Joer**<br><br>Hien huet säin zweet Kand kritt. | **34 Joer** |
| **40 Joer**<br><br>Hien huet de Beruff changéiert. | **43 Joer**<br><br>Hien ass Wittmann ginn. | **49 Joer** | **56 Joer** |
| **58 Joer** | **60 Joer**<br><br>Hien ass fir d'zweet bestuet ginn. | **61 Joer** | **66 Joer**<br><br>Hien huet ugefaangen, Chineesesch ze léieren. |

# Kapitel 1 Säit 12, Übung 7

***Wiesselspill***

# Kopie A

*1. Wat huet de Pierre a sengem Liewe gemaach? Dir hutt fënnef Informatiounen. Completéiert déi fënnef Sätz.*

20 Joer: seng Première maachen
30 Joer: sech bestueden
35 Joer: de Beruff wiesselen
50 Joer: eng Firma grënnen
75 Joer: vill reesen

Mat 6 Joer ..........

Wéi hien 20 Joer hat, ..........

Wéi hie 25 Joer hat, ..........

Mat 30 Joer ..........

Mat 35 Joer ..........

Wéi hie 45 Joer hat, ..........

Mat 50 Joer ..........

Wéi hie 60 Joer hat, ..........

Wéi hie 65 Joer hat, ..........

Mat 75 Joer ..........

*2. Schwätzt duerno mat Ärem Noper, fir déi aner Informatiounen ze kréien.*

*Beispill:*

*A: Wat huet de Pierre **mat 6 Joer** gemaach?*
*B: **Mat 6 Joer** ass hien an d'éischt Schouljoer gaangen.*

*B: Wat huet hie gemaach, **wéi hien 20 Joer hat**?*
*A: **Wéi hien 20 Joer hat**, huet hie seng Première gemaach.*

*Wiesselspill*

# Kopie B

*1. Wat huet de Pierre a sengem Liewe gemaach? Dir hutt fënnef Informatiounen. Completéiert déi fënnef Sätz.*

6 Joer: an d'éischt Schouljoer goen
25 Joer: säin éischten Job kréien
45 Joer: an d'Ausland plënneren
60 Joer: zeréck op Lëtzebuerg kommen
65 Joer: seng Pensioun kréien

Mat 6 Joer ........................................

Wéi hien 20 Joer hat, ........................................

Wéi hie 25 Joer hat, ........................................

Mat 30 Joer ........................................

Mat 35 Joer ........................................

Wéi hie 45 Joer hat, ........................................

Mat 50 Joer ........................................

Wéi hie 60 Joer hat, ........................................

Wéi hie 65 Joer hat, ........................................

Mat 75 Joer ........................................

*2. Schwätzt duerno mat Ärem Noper, fir déi aner Informatiounen ze kréien.*

*Beispill:*

*A: Wat huet de Pierre **mat 6 Joer** gemaach?*
*B: **Mat 6 Joer** ass hien an d'éischt Schouljoer gaangen.*

*B: Wat huet hie gemaach, **wéi hien 20 Joer hat**?*
*A: **Wéi hien 20 Joer hat**, huet hie seng Première gemaach.*

*1. Vergläicht Äert Liewe virun 10, 20, 30 Joer mat Ärem Liewen haut. Wat huet sech geännert? Kuckt de Modell an notéiert fënnef Saachen. Schwätzt duerno am Grupp driwwer.*

*Zum Beispill:*

Virun 10 Joer hat ech nach keng Kanner. Ech hat méi Fräizäit. Ech hunn de ganzen Dag geschafft an owes konnt ech erausgoen, ouni e Babysitter ze sichen. Ech hu mech dacks mat Frënn getraff.

Haut hunn ech zwee kleng Kanner. Ech muss ëmmer e Babysitter sichen, wann ech erausgoe wëll. Mee et ass immens schéin, Kanner ze hunn. Ech si méi doheem. Haut komme meng Frënn bei mech heem.

*2. Maacht kleng Gruppe vun dräi bis véier Leit a fannt Gemeinsamkeeten. Kuckt d'Beispiller a stellt Iech Froen.*

Zum Beispill:

*- Ech si schonn immens oft geplënnert. An dir?*

*+ Ech véiermol.*

** Ech fënnefmol.*

*Conclusioun: Mir sinn all scho méi wéi dräimol geplënnert.*

*- Waars du schonn an den USA? Ech net.*

*+ Ech och net.*

** Ech och net.*

*Conclusioun: Mir waren all nach ni an den USA.*

*Kuckt d'Lëscht a kräizt un, wéi gutt Iech déi Saachen zu Lëtzebuerg gefalen. Falen Iech nach aner Saachen an? Schreift se derbäi.*

| | ++ | + | - | - - | ø |
|---|---|---|---|---|---|
| d'Wieder | | | | | |
| d'Méisproochegkeet | | | | | |
| de Schoulsystem | | | | | |
| d'Gesondheetswiesen | | | | | |
| den ëffentlechen Transport | | | | | |
| d'Wunnengssituatioun | | | | | |
| d'Fräizäitoffer | | | | | |
| de Choix vu Restauranten | | | | | |
| d'Proximitéit zu grousse Stied | | | | | |
| d'Fräiheet | | | | | |
| d'Natur | | | | | |
| d'Multikulturalitéit | | | | | |
| | | | | | |
| | | | | | |
| | | | | | |

++: dat gefält mir immens gutt

+: dat gefält mir

-: dat gefält mir net

- -: dat gefält mir guer net

ø: dat interesséiert mech net

# Kapitel 1 Säit 14, Übung 5

*Dës Froe stinn och am Buch a si vun de Schüler am Virfeld schrëftlech preparéiert ginn. D'Schüler ginn zu zwee an zwee opgedeelt an hu fënnef Minutten Zäit, fir mat hirem Gespréichspartner iwwert dës Froen ze schwätzen. Si mussen d'Käertercher net der Rei no an och net onbedéngt all behandelen.*

*No fënnef Minutte gëtt de Gespréichspartner gewiesselt an et sinn nees fënnef Minutten Zäit, fir iwwert d'Froen ze schwätzen.*

*Et geet drëm, datt d'Schüler hir Äntwerten dacks widderhuelen an dobäi ëmmer méi sécher am Schwätze ginn.*

| | |
|---|---|
| Firwat sidd Dir op Lëtzebuerg komm? | Wou hutt Dir am Ufank gewunnt? |
| Wéini waart Dir déi alleréischt Kéier zu Lëtzebuerg? | Wat fir eng Sprooch hutt Dir als éischt geléiert a firwat? |
| Wat fir eng touristesch Attraktioun sidd Dir fir d'éischt kucke gaangen? | Wat oder wien hutt Dir am Ufank vill vermësst? |
| Wat huet Iech hei direkt am beschte gefall? | Wat huet Iech hei am Ufank net sou gefall? |
| Wat fir e lëtzebuergescht Wuert hutt Dir als éischt geléiert? | Wien oder wat huet Iech vill gehollef, fir Iech hei wuelzefillen? |

# Kapitel 1 Säit 14, Übung 6

*Déi sechs Textabschnitter ginn erausgeschnidden an d'Schüler kréien a klenge Gruppe jee ee Set mat der Anekdot, déi se richteg mussen zesummesetzen. Nodeems kontrolléiert gouf, datt d'Reiefolleg richteg ass, sollen d'Schüler d'Anekdot e puermol konzentréiert liesen. Duerno kréie si d'Käertercher nees ewechgeholl, fir d'Übung 7 am Buch ze léisen.*

Ech si viru fënnef Joer mat menger Famill op Lëtzebuerg geplënnert. Wéi mir hei ukomm sinn, hate mir nach keng Wunneng an hunn dräi Wochen an engem Apparthotel gewunnt. Eis Kanner waren nach kleng, deemools hate si dräi a fënnef Joer.

Ee Gléck war Summer a mir konnte vill erausgoen. Den Hotel war direkt bei engem klenge Park mat enger flotter Spillplaz. Moies hu mir Kaffi gedronk an da si mir op d'Spillplaz gaangen.

Am Ufank hunn d'Kanner ëmmer eleng gespillt, mee dunn hu si séier e puer kleng Spillkomerode fonnt. Meng Kanner hu just Italieenesch geschwat, mee fir si an hir nei Frënn war dat kee Problem.

Enges Daags, sou no zwou Wochen, war eng Fra mat engem klenge Jong vun ongeféier véier Joer op der Spillplaz. Ech hat si virdrun nach ni do gesinn. Hire Jong huet eleng am Sand gespillt, hien huet sech net fir déi aner Kanner interesséiert.

Op eemol huet hien ugefaangen, ganz haart ze sangen. En italieenescht Kannerlidd! Meng Kanner hu fir d'éischt komesch gekuckt an dunn hu si haart matgesongen. Si hunn dat Lidd natierlech kannt! Esou si seng Mamm an ech an d'Gespréich komm. A wat witzeg war: Si ware guer net aus Italien, mee aus Brasilien. Dee Klengen hat dat Lidd a senger internationaler Crèche geléiert.

Zu gudder Lescht hunn d'Kanner all matenee gespillt a sinn och haut nach Frënn.

# Kapitel 1 Säit 15, Übung 9

## *Completéiert d'Sätz mat* virun *oder* virdrun.

1. Ech probéieren, all Dag .............................................. der Aarbecht Sport ze maachen.
2. .............................................. dem Congé muss ech onbedéngt mam Projet fäerdeg ginn.
3. .............................................. sinn ech an der Stad engem fréieren Aarbechtskolleeg begéint.
4. Den Orchester ass .............................................. dem Concert nervös.
5. Ech hu .............................................. net opgepasst a si mam Auto an e Potto gerannt.
6. .................................. der Presentatioun huet d'Directrice nach eng Kéier d'Technik kontrolléiert.
7. .............................................. sinn ech beim Spadséieregoe mengem Noper begéint.
8. De Cours fänkt geschwënn un. .............................................. ginn ech awer nach séier e Kaffi sichen.
9. Kanns du mir .............................................. der Reunioun nach d'Dokumenter schécken?
10. .............................................. laanger Zäit hu mir eis fir d'lescht gesinn.

## *Completéiert mat* wann, wéi *oder* wéini.

1. ........................................ ech e klenge Bouf war, si meng Elteren oft mat mir op d'Spillplaz gaangen.
2. ........................................ mir an d'Stad geplënnert sinn, war ech traureg, well ech menge Frënn Äddi hu misse soen.
3. ........................................ bass du scho méi gebuer?
4. ................................. ech als Kand gutt gefollegt hunn, krut ech eng Belounung, zum Beispill eng Kamell, mee .............................. ech mech de Batti gestallt hunn, duerft ech dräi Deeg keng Tëlee kucken.
5. Ech däerf wierklech ni vergiessen, ........................................ mäin Hochzäitsdag ass.
6. ........................................ ech den Test packe wëll, muss ech mech anstänneg virbereeden.
7. ........................................ hues du Congé? Ech ka mech net méi erënneren.
8. ........................................ ech meng Première gepackt hunn, hunn ech eng grouss Feier organiséiert.
9. Ech hu mech gefreet, eng al Frëndin erëmzegesinn. Ech weess net méi, ........................................ ech hatt fir d'lescht gesinn hunn.
10. .................................. mir op Lëtzebuerg komm sinn, hu mir fir d'éischt en Appartement misse sichen.
11. Ech soen dir nach Bescheed, ........................................ ech op der Gare ukommen.
12. ........................................ s du fäerdeg bass, kanns du den nächsten Exercice och nach maachen.
13. Ech weess net, ........................................ d'Claudine Gebuertsdag huet.
14. ........................................ ech mäi leschte Gebuertsdag gefeiert hunn, hunn ech vill Leit invitéiert.
15. ........................................ ech um Computer schaffen, lauschteren ech ëmmer Musek.

*Completéiert mat* wann, wéi *oder* wéini.

.................................... ech kleng war, sinn ech oft mam Vëlo duerch d'Duerf gefuer. .................................... d'Sonn geschéngt huet, war dat ëmmer super flott, mee .................................... et gereent huet, war et manner flott. Ech sinn an de Park gefuer an hunn do an der Wiss mat menge Frënn gespillt. .................................... kee vu menge Frënn Zäit hat, hunn ech einfach eleng do gespillt. Ech hu mech ni gelangweilt. Meng Mamm huet mir ëmmer gesot, ech misst fir d'Owesiessen nees doheem sinn. Mee well ech nach keng Auer hat, wosst ech ni, .................................... et Zäit war, fir heemzegoen. A .................................... ech ze spéit heemkoum, war meng Mamm rose mat mir. .................................... dat ze dacks geschitt ass, hunn ech missen doheem bleiwen. .................................... ech awer dunn eng Auer krut a se och liese konnt, war dat kee Problem méi.

# Kapitel 1 Säit 15, Übung 9

*Dës Käertercher kënnen op verschidde Manéiere benotzt ginn.*

*Zum Beispill:*

*- All Schüler kritt ca. sechs Käertercher a completéiert se. Duerno kann a Partneraarbecht oder am Grupp verglach ginn, wéi dës Käertercher completéiert gi sinn.*

*- All Schüler completéiert zwee bis dräi Sätz, awer op separaten Ziedelen. Duerno gëtt am Plenum oder a klenge Gruppe gekuckt, wéi den Ufank vun deem Saz kéint sinn a wien den Auteur kéint sinn.*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Wéi ech fir d'éischt an den INL komm sinn, … | Wéi ech fir d'éischt op Lëtzebuerg komm sinn, … | Wann ech als Kand net brav war, … | Wéi ech fir d'éischt mam Fliger geflu sinn, … |
| Wéi ech fir d'éischt an de Lycée gaange sinn, … | Wéi ech fir d'lescht a mengem Heemechtsland war, … | Wann ech als Kand ze spéit heemkomm sinn, … | Wéi ech d'lescht Joer an d'Vakanz gefuer sinn, … |
| Wann ech mat mengen Elteren an d'Vakanz gefuer sinn, ... | Wéi ech fir d'lescht an der Stad war, … | Wann ech als Jugendleche frustréiert war, … | Wéi ech gëschter heemkomm sinn, … |
| Wann ech mech fréier mat Frënn getraff hunn, ... | Wéi ech fir d'lescht am Restaurant war, … | Wéi ech fir d'lescht Party gemaach hunn, … | Wann ech als Kand net an d'Schoul goe wollt, … |
| Wéi ech fir d'lescht am Kino war, ... | Wéi ech mäin éischten Jobinterview hat, ... | Wéi ech meng éischt Aarbecht fonnt hunn, ... | Wéi ech mech bestuet hunn, ... |
| Wéi ech haut de Moien op d'Aarbecht komm sinn, ... | Wéi ech mäin Heemechtsland verlooss hunn, ... | Wann ech als Kand net alles iesse wollt, … | Wéi ech fir d'lescht en Exame gepackt hunn, … |

# Kapitel 1 Säit 18, Übung 3

*Liest den Text. Kuckt d'Wierder an der Këscht a completéiert, wat feelt.*

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| besser | léiwer | manner | méi flott | méi streng |
| méi laang | méi einfach | net esou vill | net esou deier | |
| net esou séier | net esou langweileg | net esou geféierlech | | |

Wéi ech kleng war, wollt ech ëmmer Bauer ginn, genee esou wéi mäi Bopi. Hien hat e klenge Bauerenhaff zu Brouch mat e puer Mëllechkéi, Hénger a Kanéngercher. Am Summer sinn ech dacks bei meng Grousselteren op Besuch gaangen an dann hunn ech d'Déiere gefiddert oder ech hu menge Grousseltere bei der Aarbecht gehollef. Um Bauernhaff war et .................................... .................................... an .................................... .................................... .................................... wéi doheem, mee meng Grousseltere ware vill .................................... .................................... wéi meng Elteren. Ech hu misse follegen an do gouf et keng Diskussioun.

Moies hunn ech menger Bomi dacks am Gaart gehollef. Mir hunn Äerdbier a Kréischele gepléckt oder Onkraut gerappt. Wann ech fläisseg war, huet meng Bomi mir heiansdo e Su ginn an da sinn ech mat mengem Frënd, dem Emil, mam Vëlo an déi kleng Epicerie gefuer. D'Saache waren .................................... .................................... .................................... wéi haut a mir konnten eis eng Kamell oder eng aner Séissegkeet kafen. Am Nomëtteg si mir dacks mam Vëlo duerch d'Duerf gefuer. Fréier war .................................... Verkéier an et war .................................... .................................... .................................... wéi haut, mee meng Bomi huet awer ëmmer gefaart.

Ech war gär mam Emil um Tour, mee nach .................................... war ech bei mengem Bopi am Stall. Ech hunn him gär bei der Aarbecht nogekuckt. Fréier gouf et nach .................................... .................................... .................................... Maschinne wéi haut a mäi Bopi huet vill op der Hand gemaach. Dat war immens ustrengend. Ech hu mengem Bopi trotzdeem gär gehollef, och wann alles .................................... .................................... gedauert huet a mir .................................... .................................... .................................... fäerdeg waren, wéi een dat haut gewinnt ass. Haut ass de Beruff als Bauer bestëmmt kierperlech .................................... .................................... , mee et ass bestëmmt net alles .................................... .

# Kapitel 1 Säit 18, Übung 3

*All Schüler notéiert fir d'éischt Informatiounen zu sengem Heemechtsland. Duerno gi kleng Gruppe gemaach a jidderee presentéiert säin Heemechtsland. Déi Schüler, déi nolauschteren, sollen notéieren, wat si extra interessant fannen a wat d'selwecht oder wat ganz anescht ass wéi an hirem Heemechtsland.*

*Modell fir d'Presentatioun:*

Mäin Heemechtsland ass … / Ech kommen aus …

Et ass (net) einfach, an … eng Aarbecht ze fannen. Zu Lëtzebuerg gëtt et méi / manner …

Wat d'Wunnen ubelaangt: Zu Lëtzebuerg sinn d'Präisser méi héich, mee ...

Déi sozial Kontakter sinn …

D'Iessen ass …

D'Klima ass …

Ganz wichteg ass zum Beispill …

E bësse problematesch kann … sinn

B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## *Zousazmaterial*

## Kapitel 1

*1. Setzt d'Verben an de Klameren an den Imparfait.*

1. Als Kand **duerft** ech mir fir mäi Gebuertsdag ëmmer e Kaddo eraussichen..
2. Meng Schwëster **konnt** sech mäi Gebuertsdag ni verhalen, wéi hatt kleng war.
3. Meng Eltere waren net frou mat mengem deemolege Frënd a **wollten** net, datt ech mech mat him treffen.
4. Mäi klenge Brudder **duerft** fréier just esou laang dobausse spillen, bis mir zu Owend giess hunn.
5. Ech **wollt** fréier ëmmer laang opbleiwen, mee meng Elteren hu mech ni gelooss.
6. Fir eisen 18. Gebuertsdag **wollte** mir eng grouss Grillparty maachen, mee déi meescht vun eise Kolleege waren an der Vakanz.
7. Gëschter **sollt** ech schwamme goen, mee et ass eppes dertëschent komm.
8. Du **konnts** scho ganz fréi gutt Piano spillen, well s du ëmmer brav geüübt hues.
9. Mat wéi vill Joer **duerft** dir fir d'éischt eleng an d'Vakanz goen?
10. Meng eeler Geschwëster **wollten** ni op mech oppassen, wéi ech kleng war.

*2. Wéi war et fréier a wéi ass et haut? Liest d'Verben a completéiert d'Sätz mat de Verben am Passé composé an am Present.*

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| fléien | fueren | schaffen | maachen | schlofen |
| kommen | goen | kafen | schwätzen | wunnen |

1. Fréier **ass** hien dacks an de Kino **gaangen**. Haut **geet** hie léiwer an den Theater.
2. Fréier **huet** hie vill Sport **gemaach**. Haut **mécht** hie kee Sport méi.
3. Fréier **si** si (PL) ëmmer mam Auto schaffe **gefuer**. Haut **fuere** si (PL) mam Bus.
4. Fréier **bass** du ëmmer ze spéit **komm**. Haut bass du ëmmer pénktlech an du **kënns** net méi ze spéit.
5. Fréier **sinn** d'Leit net dacks mam Fliger **geflunn**. Haut **fléie** vill Leit e puermol d'Joer mam Fliger.
6. Fréier **hunn** ech de Weekend dacks bis 12 Auer mëttes **geschlof**. Haut **schlofen** ech net méi sou laang, ech stinn de Weekend um 9 Auer op.
7. Fréier **huet** hatt just eng Sprooch **geschwat**. Haut **schwätzt** hatt dräi Sproochen.
8. Fréier **huet** hien an enger Entreprise **geschafft**. Haut **schafft** hien net méi, hien ass pensionéiert.
9. Fréier war si aarm a si **huet** net vill Saache **kaaft/kaf**. Haut ass si räich a si **keeft** ganz vill Saachen.
10. Fréier **hu** mir zu Ettelbréck **gewunnt**. Haut **wunne** mir zu Esch.

***Wiesselspill***

# Kopie A

*1. Wat huet de Pierre a sengem Liewe gemaach? Dir hutt fënnef Informatiounen. Completéiert déi fënnef Sätz.*

20 Joer: seng Première maachen
30 Joer: sech bestueden
35 Joer: de Beruff wiesselen
50 Joer: eng Firma grënnen
75 Joer: vill reesen

Wéi hien 20 Joer hat, **huet hie seng Première gemaach.**

Mat 30 Joer **huet hie sech bestuet.**

Mat 35 Joer **huet hien de Beruff gewiesselt.**

Mat 50 Joer **huet hien eng Firma gegrënnt.**

Mat 75 Joer **ass hie vill gereest.**

*Wiesselspill*

# Kopie B

*1. Wat huet de Pierre a sengem Liewe gemaach? Dir hutt fënnef Informatiounen. Completéiert déi fënnef Sätz.*

6 Joer: an d'éischt Schouljoer goen
25 Joer: säin éischten Job kréien
45 Joer: an d'Ausland plënneren
60 Joer: zeréck op Lëtzebuerg kommen
65 Joer: seng Pensioun kréien

Mat 6 Joer **ass hien an d'éischt Schouljoer gaangen.**

Wéi hie 25 Joer hat, **huet hie säin éischten Job kritt.**

Wéi hie 45 Joer hat, **ass hien an d'Ausland geplënnert.**

Wéi hie 60 Joer hat, **ass hien zeréck op Lëtzebuerg komm.**

Wéi hie 65 Joer hat, **huet hie seng Pensioun kritt.**

*Completéiert d'Sätz mat* virun *oder* virdrun.

1. Ech probéieren, all Dag **virun** der Aarbecht Sport ze maachen.
2. **Virun** dem Congé muss ech onbedéngt mam Projet fäerdeg ginn.
3. **Virdru** sinn ech an der Stad engem fréieren Aarbechtskolleeg begéint.
4. Den Orchester ass **virun** dem Concert nervös.
5. Ech hu **virdrun** net opgepasst a si mam Auto an e Potto gerannt.
6. **Virun** der Presentatioun huet d'Directrice nach eng Kéier d'Technik kontrolléiert.
7. **Virdru** sinn ech beim Spadséieregoe mengem Noper begéint.
8. De Cours fänkt geschwënn un. **Virdru** ginn ech awer nach séier e Kaffi sichen.
9. Kanns du mir **virun** der Reunioun nach d'Dokumenter schécken?
10. **Viru** laanger Zäit hu mir eis fir d'lescht gesinn.

*Completéiert mat* wann, wéi *oder* wéini.

**1.** **Wéi** ech e klenge Bouf war, si meng Elteren oft mat mir op d'Spillplaz gaangen.

**2.** **Wéi** mir an d'Stad geplënnert sinn, war ech traureg, well ech menge Frënn Äddi hu misse soen.

**3.** **Wéini** bass du scho méi gebuer?

**4.** **Wann** ech als Kand gutt gefollegt hunn, krut ech eng Belounung, zum Beispill eng Kamell, mee **wann** ech mech de Batti gestallt hunn, duerft ech dräi Deeg keng Tëlee kucken.

5. Ech däerf wierklech ni vergiessen, **wéini** mäin Hochzäitsdag ass.

**6.** **Wann** ech den Test packe wëll, muss ech mech anstänneg virbereeden.

**7.** **Wéini** hues du Congé? Ech ka mech net méi erënneren.

**8.** **Wéi** ech meng Première gepackt hunn, hunn ech eng grouss Feier organiséiert.

9. Ech hu mech gefreet, eng al Frëndin erëmzegesinn. Ech weess net méi, **wéini** ech hatt fir d'lescht gesinn hunn.

**10.** **Wéi** mir op Lëtzebuerg komm sinn, hu mir fir d'éischt en Appartement misse sichen.

11. Ech soen dir nach Bescheed, **wéini/wann** ech op der Gare ukommen.

**12.** **Wann** s du fäerdeg bass, kanns du den nächsten Exercice och nach maachen.

13. Ech weess net, **wéini** d'Claudine Gebuertsdag huet.

**14.** **Wéi** ech mäi leschte Gebuertsdag gefeiert hunn, hunn ech vill Leit invitéiert.

**15.** **Wann** ech um Computer schaffen, lauschteren ech ëmmer Musek.

*Completéiert mat* wann, wéi *oder* wéini.

**Wéi** ech kleng war, sinn ech oft mam Vëlo duerch d'Duerf gefuer. **Wann** d'Sonn geschéngt huet, war dat ëmmer super flott, mee **wann** et gereent huet, war et manner flott. Ech sinn an de Park gefuer an hunn do an der Wiss mat menge Frënn gespillt. **Wa** kee vu menge Frënn Zäit hat, hunn ech einfach eleng do gespillt. Ech hu mech ni gelangweilt. Meng Mamm huet mir ëmmer gesot, ech misst fir d'Owesiessen nees doheem sinn. Mee well ech nach keng Auer hat, wosst ech ni, **wéini** et Zäit war, fir heemzegoen. A **wann** ech ze spéit heemkoum, war meng Mamm rose mat mir. **Wann** dat ze dacks geschitt ass, hunn ech missen doheem bleiwen. **Wéi** ech awer dunn eng Auer krut a se och liese konnt, war dat kee Problem méi.

# Kapitel 1 Säit 18, Übung 3

*Liest den Text. Kuckt d'Wierder an der Këscht a completéiert, wat feelt.*

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| besser | léiwer | manner | méi flott | méi streng |
| méi laang | méi einfach | net esou vill | net esou deier | |
| net esou séier | net esou langweileg | net esou geféierlech | | |

Wéi ech kleng war, wollt ech ëmmer Bauer ginn, genee esou wéi mäi Bopi. Hien hat e klenge Bauerenhaff zu Brouch mat e puer Mëllechkéi, Hénger a Kanéngercher. Am Summer sinn ech dacks bei meng Grousselteren op Besuch gaangen an dann hunn ech d'Déiere gefiddert oder ech hu menge Grousseltere bei der Aarbecht gehollef. Um Bauernhaff war et **méi flott** an **net esou langweileg** wéi doheem, mee meng Grousseltere ware vill **méi streng** wéi meng Elteren. Ech hu misse follegen an do gouf et keng Diskussioun.

Moies hunn ech menger Bomi dacks am Gaart gehollef. Mir hunn Äerdbier a Kréischele gepléckt oder Onkraut gerappt. Wann ech fläisseg war, huet meng Bomi mir heiansdo e Su ginn an da sinn ech mat mengem Frënd, dem Emil, mam Vëlo an déi kleng Epicerie gefuer. D'Saache waren **net esou deier** wéi haut a mir konnten eis eng Kamell oder eng aner Séissegkeet kafen. Am Nomëtteg si mir dacks mam Vëlo duerch d'Duerf gefuer. Fréier war **manner** Verkéier an et war **net esou geféierlech** wéi haut, mee meng Bomi huet awer ëmmer gefaart.

Ech war gär mam Emil um Tour, mee nach **léiwer** war ech bei mengem Bopi am Stall. Ech hunn him gär bei der Aarbecht nogekuckt. Fréier gouf et nach **net esou vill** Maschinne wéi haut a mäi Bopi huet vill op der Hand gemaach. Dat war immens ustrengend. Ech hu mengem Bopi trotzdeem gär gehollef, och wann alles **méi laang** gedauert huet a mir **net esou séier** fäerdeg waren, wéi een dat haut gewinnt ass. Haut ass de Beruff als Bauer bestëmmt kierperlech **méi einfach**, mee et ass bestëmmt net alles **besser**.